

Dat, wat an deem eenzege Saz, deen den Artikel 36 betraff huet, stoung, wat menger Meenung no gutt a richtig war, gëtt elo ewechgeholl, wéi zum Beispill: „Le Grand-Duc fait les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des lois sans pouvoir jamais ni suspendre les lois elles-mêmes, ni dispenser de leur exécution“, währenddeem elo awer d'Méiglechkeet gi gëtt, aus der Verfassung eraus esouguer géint bestehend Gesetzer ze reglementéieren a verschidde Gesetzer ausser Kraaft ze setzen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Par rapport zu deem Virgoen hunn ech e bësse meng Bedenken, och wann herno no sechs Méint d'Chamber muss hiren Accord zu esou Manipulatione ginn.

M. le Président.- Dëse Punkt ass domadder ofgeschloss, a mir kommen elo zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung. Dat ass d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4745 vum Här Aly Jaerling iwwert d'Prétraite.

Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Meyers a Bettendorf.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Aly Jaerling.

10. Proposition de loi 4745 de M. Aly Jaerling portant modification de la loi du 24 décembre 1990 sur la prétraite

Présentation

M. Aly Jaerling (ADR), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech dës Proposition de loi deponéieren, esou ass dat fir d'Kierch erëm an d'Duerf ze bréngen, wat d'Trennung tëschent der Sozialpolitik an der Beschäftigungspolitik ubelaangt.

D'Prétraite gesi mir als ADR als eng Mesure en faveur de l'emploi un a muss deemno och iwwert de Wee vu beschäftigungspolitesche Mesurë finanzéiert ginn, wéi zum Beispill iwwert d'Solidaritéitssteuer oder soss fiskal Mesuren.

Den Artikel 28bis vum Gesetz vum 24. Dezember 1990 iwwert d'Prétraite gesäit vir, dass d'Prétraite zum Deel iwwert de Fonds pour l'Emploi an erstaunlicherweise zum Deel och iwwert d'Pensionsversicherung finanzéiert gëtt. D'Pensionskeesen iwwerweisen deen Deel, deen e Prétraitebezieher als Prépension zegutt hätt, un de Fonds pour l'Emploi. Iwwert dee Wee si säit 1993 iwwer 6,8 Milliarde Frang vun de Pensionskeesen un de Fonds pour l'Emploi iwwerweisen ginn. Bal 7 Milliarde sinn also innerhalb vu siwe Joer aus de Pensionskeesen zweckentfremt ginn, fir beschäftigungspolitesch Mesuren ze finanzéieren.

Uganks den 80er Joren ass am Zesammenhank mat engem Pak aneren Austeritéitsmoosnamen d'Solidaritéitssteuer agefouert ginn, fir beschäftigungspolitesch Mesurë wéi zum Beispill de Chômage ze finanzéieren. Dës Moosname si jorzéngtelaang als ausräichend ugesi ginn, fir de Chômage ze finanzéieren an och eng Rei aner beschäftigungspolitesch Mesurë matzedroen.

D'Prétraite ass a bleift fir eis als ADR eng beschäftigungspolitesch Mesure, an et kann ee se souguer als eng Aart camoufléierte Chômage betruechten. Deemno muss de Finanzement vun dëser Initiativ vum Fonds pour l'Emploi eleng gedroe ginn an net, wéi dat elo ass, zum gréissten Deel vun de Pensionsversicherungen.

Wat 1990 an och 1993 beim Aféiere vum Gesetz iwwer verschidde beschäftigungspolitesch Mesurë vläicht seng Berechtigung hat, ass eiser Usicht no haut net méi vertriebar. Mir hunn haut nach ëmmer d'Solidaritéitssteuer, a mir hunn do derniewent all Joer tëschent 10 an 20 Milliarde Budgetiwwerschëss, wouvunner deemno all Joer eng Milliarde aus de Pensionsversicherungskeese kommen, fir d'Prétraite ze finanzéieren, zumools och nach aus de Pensionskeese méi un de Fonds pour l'Emploi iwwerweisen gëtt wéi effektiv als Prétraite geschëlt an ausbezelt ginn ass un d'Prétraitebezieher.

Doduerch dass den Assuré eng Zäit laang net iwwer seng Rechter informéiert gouf, wat de Wiessel vun der Prétraite an d'Prépension ubelaangt, sinn him vill Sue verluer gaangen, déi onberechtgerweis am Fonds pour l'Emploi verbliewen an net an d'Pensionskeesen zrëckgefloss sinn.

Kloer muss ee fir allemol gemaach ginn, dass d'Pensionskeesen net do sinn, fir beschäftigungspolitesch Mesuren ze finanzéieren. Bal 7 Milliarde si bis elo aus de Pensionskeesen an de Fonds pour l'Emploi iwwerweisen ginn. Als ADR si mir der Meenung, dass dat méi wéi genuch ass an et elo vläicht ubruecht wier, fir dës Suen de Pensionskeesen erëm zrëckzeféieren. Da géif zumindest d'Regierung emol eppes Sënnvolles mat engem Deel vun de Budgetiwwerschëss maachen. Da kéint mat där enger Milliarde pro Joer zum Beispill e gudden Deel vun de strukturelle Rentenopbesserungen am Privatsektor finanzéiert ginn, déi mir als ADR scho säit Jore verlaangen.

Här President, déi Proposition de loi, déi ech hei d'Éier hunn, am Numm vum ADR virstellen, besteet nëmmen aus zwee Artikelen.

Art. 1.- Den Artikel 23bis vum modifiéierte Gesetz vum 24. Dezember 1990 iwwert d'Prétraite soll suppriméiert ginn.

Art. 2.- Dat mat Effet op den 1. Januar 2002, fir der Regierung déi néideg Zäit ze ginn, de Finanzement vun der Prétraite iwwert de Wee vun deenen adequate

fiskale Moyenen am beschäftegungspolitesche Beräich kennen ze garantéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

Discussion

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Jaerling huet seng Proposition de loi hei virgedroen. En huet ugefaangen domat, dass e gesot huet, e wëllt, dass d'Kierch am Duerf soll bleiwen, wat d'Sécurité sociale an de Chômage ugeet.

Et ass richtig, dass bis elo 6,8 Milliarde vun de Pensiounskeesen un de Fonds de Chômage gaange sinn. Allerdéngs muss een awer och emol déi Texter noliesen, wéi dat do agefouert ginn ass a firwat dass dat komm ass. Wann Der nämlech noliest, da gesitt Der, dass dat u sech eng Moosnam ass, déi en faveur ass vun deene Leit, déi an d'Préretraite gi mat 57 Joer. Déi Leit kéinten nämlech, wa se d'Bedéngungen erfëllen, fir d'Pensioun ze kréien, gläichzäiteg hir fréizäiteg Alterspensioun froen. Si mussen net. Si hunn och Avantagen, an der Préretraite ze bleiwen, well d'Préretraite ass méi héich.

Et hätt een allerdéngs och kennen, wéi dat do ageféiert ginn ass, op en anere Wee goen a soen: Déi Leit, déi mat 57 Joer d'Bedéngunge vum Artikel 184, Alinéa 1 an 2 vum Code des Assurances sociales erfëllen, fir eng fréizäiteg Alterspensioun ze kréien, kréien hir fréizäiteg Alterspensioun an d'Differenz iwwert de Fonds de Chômage bis zu der Héicht vun der Préretraite, déi se zegutt hunn.

U sech hunn d'Leit e Recht, et ze froen, a si kennen et och froen. Et sinn och nëmmen déi Leit, déi d'Bedéngungen erfëllen, fir d'fréizäiteg Alterspensioun ze kréien, déi awer aus aneren Iwwerleeungen an der Préretraite bleiwen an duerch déi Moosnamen d'Pensiounskeese vun eventuellen Zouwendungen als fréizäiteg Alterspensioun entlaaschten.

Et kann een dee Punkt hei vu verschiddene Points de vue gesinn. Et kann een op jidde Fall net soen, dass et ausschliesslech eng beschäftegungspolitesch Moosnam wär. Et war eng Moosnam, déi ageféiert ginn ass, wéi d'ARBED Problemer hat mam Personalofbau, an doropshin ass du gesot ginn, uganks den 90er Joren, et kéint een awer och anescht iwwerleeën an op deen dote Wee goen.

Et ass op jidde Fall net esou, dass hei de Chômage finanzéiert gëtt, an et ass och net esou, dass d'Assurée schlecht informéiert wäeren, well d'Assurée ginn informéiert, an et gëtt vun de Pensiounskeesen all Fall eenzel berechent. Et muss nämlech och gekuckt ginn,

ob déi Leit d'Bedéngunge fir d'fréizäiteg Alterspensioun erfëllen, an doropshi gëtt d'Décisioun geholl.

M. Aly Jaerling (ADR), auteur.- Ech wollt lech soen, dass d'Assurée jorelaang net informéiert gi sinn, dass déi Leit, déi an der Préretraite sinn, während Joren d'Berechnung vun hirer normaler Pensioun net zougestallt kritt hu mam Argument, dass se als Pensionär ugesi ginn, an doduerch, wann hir Prépensioun zum Beispill méi héich war wéi hir Préretraite, Sue verluer hunn. Et ass net esou, wéi Dir sot, dass se ëmmer manner an der Prépensioun wéi an der Préretraite hätten, well vum zweete Joer un hunn déi meeschte Leit an der Prépensioun méi, wéi wa se an der Préretraite wieren. A wa se hiren Auszuch aus hirer Pensiounsberechtigung net zougestallt kréien, dann ass dat eng Désinformatioun vun de Leit. Dat ass systematesch gemaach ginn, an dat gëtt och haut nach gemaach. Ech kann lech dat beweisen.

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Et ass esou, Här Jaerling: Wann d'Leit méi kréien an der fréizäiteger Alterspensioun wéi an der Préretraite, hu se an hätte se all Intérêt, fir dee Moment ze wielen an dann direkt ze soen, si wëilten d'Préretraite net, mä si géifen elo hir fréizäiteg Alterspensioun huelen.

Et bleift allerdéngs och nach de Punkt, dass Avantagen do sinn, notament déi, dass an där Zäit, wou se an der Préretraite sinn, weiderhi bei der zoustänneger Keess cotiséiert gëtt an doduerch d'Pensioun mat 60 Joer gegebenefalls méi héich ka si wéi déi, déi se mat 57 Joer zegutt hätten.

Dat sinn alles Iwwerleeungen, déi ee muss féieren a kucken, déi och am Kader vun de Rentendiskussionen, déi jo ustinn oder kommen, mussen dee Moment matdiskutéiert ginn.

Et ass och esou, dass déi Dispositiounen hei an engem éischte Gesetz nëmme virgesi ware bis zum Joer 1998 an duerch d'Loi budgétaire vun 1999 déi Mesure fir eng zousätzlech Periode vu siwe Joer verlängert ginn ass bis zum Joer 2005. Si géif och ewechfalen, wann an der Tëschenzäit duerch Règlement grand-ducal missten d'Cotisations gehéicht ginn.

An der Proposition gëtt elo proposéiert, den Artikel 23bis ofzeschaffen. Ech maachen lech drop opmierksam, dass dat de falschen Artikel ass. Dee richtigen Artikel ass den 28bis. Ech soen lech dat. Dat misst och geännert ginn, well wa mer et weiderginn, kréie mer d'Äntwert vun den zoustännegen Instanzen, den Artikel 23bis kéint een net ofschafen, well en net besteet.

Dofir, loosse mer dat als Chamber redresséieren. Loosse mer dat änneren, ier mer den Artikel 28bis ofschafe ginn. Dat ass deen, wann ech dat richtig verstanen hunn, deen och hei viséiert ass, deen d'Finanzéierung iwwert d'Pensiounskeese virgesäit.

Dir proposéiert also nëmmen, deen Artikel 28bis ofzeschaffen, mä domat entzitt Der dat finanziellt Fondement vun der Prêretraite. Wann ech demagogesch wär, géif ech soen, da schaaft Der jo d'Prêretraite of, well si kann net méi finanzéiert ginn.

Op där anerer Säit sot Der awer dann, déi Abrogatioun ass eréischt fälleg vum 1. Januar 2002 un, an da steet am Commentaire, dat erméiglecht et der Regierung, déi néideg Mesuren ze huelen, fir dat ze finanzéieren. Ech stellen hei fest, dass den ADR e ganz grousst Vertrauen an d'Regierung huet, fir esou eng wichteg Fro vu Finanzéierung der Regierung ze iwwerloossen.

Ech soen lech och merci fir dat Vertrauen am Numm vun der Regierung, wou ech elo feststellen, dass just keen hei ass.

M. Ben Fayot (LSAP).- Dat hätt ech net gemaach!

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Dach, an där Hinsicht hunn ech keng Problemer, Här Fayot.

M. Marcel Glesener (CSV).- Ech géif et net maachen.

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Neen, Här Glesener.

Ech soen dat och. Et wier allerdéngs korrekt gewiescht an hätt mech gefreet, wann den ADR selwer gesot hätt, wéi en déi eng Finanzéierung duerch eng aner wëllt ersetzen. Dann hätt een nämlech gesinn, iwwer wat fir e Wee datt dat soll geschéien. Soll dat duerch einfach Budgetsmëttele geschéien? Dann hätt ee kënne soen: Mir setzen d'Budgetsmëttelen an...

(Interruptions)

Da kënnt Der dat jo och maachen. Dir hätt et jo och direkt kënne maachen, ouni op d'Regierung ze waarden. Dir hätt och kënnen higoen a soen: Mir maachen et iwwert den Impôt de solidarité...

(Interruption)

...oder iwwer en anere Wee. Dat steet alles nach op, an dofir, mengen ech, kënne mir an dësem Ablack, well mer net wëssen, wat iwwerhaupt hei genee gewollt ass, als CSV och nach net soen, a wéi eng Richtung dass mer ginn, well den ADR huet jo och net gesot, wéi en d'Finanzéierung an Zukunft wëllt bewerkstelen.

(Interruption)

Et ass also nëmmen en halwe Projet,...

(Interruptions)

...deen Der presentéiert hutt, an ech géif mengen, ouni lech ze no ze trieden, dass e gudden Deel Demagogie derbäi gewiescht ass, an dat ass och meng Konklusioun.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech froen d'Wuert och nach.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Niki Bettendorf.

(Interruption)

Är Zäit ass ofgelaf, et huet jidderee fënnef Minutten.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, neen, Här President.

M. le Président.- Ech hu gemengt, den Här Jaerling hätt Är Zäit mat geholl.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, neen!

M. le Président.- Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech meng Satisfactioun driwwer ausdrécken, dass den Här Jaerling erëm an eise Reien ass!

(Interruptions)

Mir haten eis wierklech Suerge gemaach, wéi hien am déiwen Afrika verscholle war, a si wierklech frou, dass en den Owend erëm hei bei eis ass. Dat kënnt vun Häerzen, Här Jaerling!

M. Ben Fayot (LSAP).- Dir musst eis emol eng Kéier erzielen, wéi dat do war!

(Interruptions)

M. Niki Bettendorf (DP).- Den Interpellant, Här President, huet Recht, wann e seet, d'Prêretraite wier eng Mesure, fir de Chômage ze bekämpfen, virun allem am Kader vu Restructuratioun vun Entrepreisen.

Dat beschtent Beispill ass d'ARBED, wou vill Aarbechtsplazen hu missen ofgebaut ginn, wou et awer iwwert de Wee vun der Prêretraite méiglech gouf, a) dem Betrib ze hëllefen a b) villen Aarbechter de Wee an de Chômage ze erspueren, virun allem deenen Aarbechter, déi Enn 50 Joer al waren a fir déi et praktesch onméiglech gewiescht wier, nach eng nei Aarbechtsplaz ze fannen. Haut hu mer als Äntwert op eng Question parlementaire vum Här Aarbechtsminister héieren, dass haut d'ARBED an der glécklecher Lag ass, erëm nei Leit astellen ze kënnen, wat beweist, dass déi Mesuren, déi geholl gi sinn, positiv waren.

Mir hunn als DP d'Prêretraite-Gesetzter ëmmer mat gedroen: d'Prêretraite-ajustement, d'Prêretraite fir déi Leit, déi op Schichten oder nuets geschafft hunn. Ech menge mech och kënnen ze erënneren, dass ech perséinlech och net iwwerzeegt war vun der Prêretraite-solidarité, wou déi Al deene Jonke sollte Plaz maachen. Den Här Jaerling beschreift dat a sengem Exposé des motifs als Méiglechkeet fir d'Betriben „de procéder à un ajustement de la situation d'âge des effectifs et des coûts“.

Domat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hunn ech Schwierigkeeten. Mir schwätzen an den nächste Méint nach vill iwwert d'Renten. De 15. Februar kréie mer d'Etüd vum BIT presentéiert, an da kann d'Diskussioun esou richtig lass goen. Mä och elo scho si ganz vill Leit am Land - Ministeren, Deputéiert -, déi et net kennen ofwaarden a mengen, si misste sech aus der Fënster lehn. Ech wëll och zu deene gehéieren an eng Ausso dozou maachen.

Ech fannen et net normal, dass mir hei zu Lëtzebuerg als Männer am Joer 1998 zum Beispill an der Moyenne nëmme 56,9 Joer schaffe gaange sinn; bei de Frae sinn et nëmme 55,5 Joer.

Plusieurs voix.- Bis!

M. Niki Bettendorf (DP).- Bis 55,5 Joer an der Moyenne. Merci, Här Gibéryen, merci, Mme Delvaux!

Dat leeschte mir eis an engem Land, wou mer zwar vill Aarbechtsplazen hunn, mä keng Leit fir ze schaffen. Et kéint een eng Opstellung maache vun iwwerall do, wou eis Leit feelen. Ech wëll der nëmmen e puer opzielen: Mir hu keng Leit an der Baubranche, an den Handwierksbetriber, mir hu keng Polizisten, keng Fräiwëlleg fir eis Arméi, keng Infirmieren, keng Infirmiëren, net genuch Universitären, an et feelt u breveteiertem Léierpersonal. Dës Opzielung kënne mer effektiv weider féieren, mä si spigelt sech am kloersten erëm an deenen 80.000 Frontalieren, déi eis Hëllef kommen, déi ufalend Aarbechten ze maachen.

Ech sinn dofir der Meenung, mir sollten d'Prétraiten dann do gebrauchen, wou se noutwendeg sinn. Mir ginn ëmmer méi spët an den Aarbechtsprozess eran, a wa mer dann och nach ëmmer méi fréi ophale mat schaffen an dobäi, Gott sei Dank, och nach ëmmer méi al ginn, da kréie mer eise Renteproblem net geléist. Wa mer eis awer un de jëtzege legale Rentenalter géifen halen, da gesinn ech gutt Chancen, fir am Kader vum Rentendesch zu acceptabelen Accoren ze kommen.

Elo zum But vun der Proposition de loi. Den Här Jaerling stellt a Fro, dass d'Sue fir d'Prétraite aus de Fonge vun de Pensiounskeese kommen, ebe well d'Prétraite geduecht ass als Régulateur du marché de l'emploi, als eng Mesure géint de Chômage. Ech verstü seng Argumentatioun, sinn awer net domat averstanen, datt d'Prétraite, sou wéi se applizéiert gëtt, net eng virgezunne Pensioun soll sinn. Virgezunne Pensiounen oder Pensiounen, et bleift ënnert dem Stréch datselwecht: Et ass een, deen aus dem Aarbechtsprozess eraus geet, zu Laaschten entweder vun de Pensiounskeesen oder vum Steierzueler. D'Sue mussen iergendwou hierkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn der Meenung, dass dës Proposition de loi et awer verdéngt, weider diskutéiert ze ginn, zum Beispill am

Kader vum Rentendesch oder an eise parlamentaresche Kommissiounen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet nach d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten am Fong geduecht, datt, wann eise Kolleg Aly Jaerling hei seng Proposition de loi géif virstellen, mir kee méi brächten eraus ze schécke fir ze schwätzen, well mer fest domat gerechent haten, datt vun alle Säiten hei eng Zoustëmmung géif zu där Proposition de loi kommen.

De Kolleg Marcel Glesener, deen am Lëtzebuerger Wort ëmmer als sozialpolitesche Spriecher vun der chrëschtlech-sozialer Vollekspartei virgestallt gëtt an och elo kierzlech an engem Interview deeseweichte Problem opgeworf hat, huet, wann ech dat gutt gelies a verstanen hunn, an déiselwecht Richtung plädéiert, an déi dës Proposition de loi hei geet. Sou war ech dach e bësschen iwwerrascht, datt de Spriecher vun der CSV elo hei awer op eemol eng aner Argumentatioun an d'Diskussioun era bruecht huet.

Den Här Meyers huet hei versicht ze argumentéieren - woubäi een natierlech ka soen: E Glas ass hallef eidel oder hallef voll -, wéi wann déi Prétraite geschafe gi wier, fir datt d'Leit spéiderhi méi eng héich Pensioun géife kréien. Et muss een hei awer op den Ursprung zrëck goen, an zwar ass déi Prétraite deemools geschafe ginn, un éischter Stell, fir den Aarbechtsplazenofbau an der Stolindustrie op eng besser Manéier kënnen ze bewerkstelleen. Wa mer dat net gemaach hätten, dann hätte mer d'Leit deemools an d'Division anti-crise misse schécken, an d'DAC, oder an de Chômage. Dat ass den Ursprung vun där Prétraite, an dofir ass se jo och deemools iwwert de Solidaritéitsfong gespeist ginn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Dunn ass zu engem gewësse Zäitpunkt gesot ginn, dass d'Pensiounskeese relativ vill Fongen hätten - et ass also keen neie Moment par rapport zu haut -, an du sinn intelligent Käpp an der Regierung op d'Iddi komm, fir eben déi Suen aus de Pensiounskeesen ze huelen.

Wann den Här Meyers elo zum Schluss seet, dat wier e bësschen Demagogie, wat an dëser Proposition de loi plädéiert gëtt, da muss ech soen: Da muss déi deemoleg Regierung, dee jo virun 1993 dat gemaach huet, wat mir elo am Fong an dëser Proposition de loi verlaangen, och eng déck Portioun Demagogie a sech gehat hunn, fir iwwer eng Rei vu Joren dat iwwert de Fonds pour l'emploi ze finanzéieren, ouni op d'Pensiounskeesen zrëckzegräifen.

Et ass also ganz kloer, datt hei Gelder vun de Pensiounskeese geholl ginn. Et si siwe Milliarden, déi de Moment aus de Pensiounskeese geholl ginn, a mir hunn et, wéi gesot, nach siwe Joer verlängert, sou datt mer herno wäerte bei 13, 14 Milliarde sinn, déi mer aus de Pensiounskeesen eraus geholl hunn, fir en Aarbechtsplazenaufbau ze finanzéieren, an dofir sinn d'Pensiounskeesen net do.

Et ass richtig, datt verschidde Leit doduerch kënnen hir Pensioun verbesseren, wa se nach zwee oder maximal dräi Joer an der Préretraite bleiwen; et muss een awer wëssen, datt déi Leit, déi an der Préretraite sinn, weder eng Augmentatioun vun de Pensiounen kréien, nach eng Augmentatioun, wa Lounverhandlungen an hire Betriber sinn. Déi Leit kréien déi Zäit, wou se an der Préretraite sinn, ausser dem Index keng Augmentatiounen.

Et ass och net esou, datt ee kéint soen: Mä déi Leit kéinte mer jo och an d'Pensioun schécken! Neen, et kann een déi Leit d'office net an d'Pensioun schécken. Fräiwëlleg kéinte se an d'Pensioun goen - dat kënne se och elo -, mä dat hei ass einfach e Choix, deen de Leit fräi steet. Am Géigesaz zu deem, wat de Kolleeg Bettendorf hei gesot huet, fir d'Leit am Fong méi laang schaffen ze loossen, géif dat do an d'Richtung goen, fir ze soen: Mä mir schécken d'Leit éischter an d'Pensioun; da brauche se net an d'Préretraite ze goen.

Ech war och dofir vum Kolleeg Bettendorf, deen hei plädéiert an d'Richtung, fir de Pensiounsalter ze héijen...

Une voix.- Neen, neen!

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dach, dach!

Une autre voix.- Dir verwieselt dat!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, neen, ech verwieselen dat guer net. Wann een d'DP héiert, da geet dat permanent an déi Richtung,...

Plusieurs voix.- Neen, neen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- ...fir d'Leit méi laang schaffen ze loossen.

Plusieurs voix.- Dat ass eppes anescht!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ma, ass dat net datselwecht?

Plusieurs voix.- Ma neen!

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen (ADR).- Dir sidd permanent amgaangen, fir Moosnamen ze plädéieren an Ären Diskussiounen, dass d'Leit solle méi laang schaffe goen!

M. le Président.- Loosst den Här Gibéryen schwätzen! Loosst e ganz roueg schwätzen!

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech soen lech merci, datt Der d'Kolleege vun der DP hei zur Uerdnung rufft, déi et net verdroen, wann een hinnen hei de Spigel virun d'Gesicht hält.

Ech mengen, et ass ganz kloer, dass hei d'Demokratesch Partei während Méint amgaangen ass, an déi Richtung eng Campagne ze maachen. Ech sinn awer der Meenung, dass se domat queesch duerch d'Land a bei deenen anere Parteien op e gewëssene Widderstand wäert stoussen. Dat sinn déi puer Iwwerleeungen, déi ech wollt do mat era bréngen.

Här President, mir bleiwe bei där Iddi, déi gutt gemengt ass an, wou mer, wéi gesot, och Sukkurs hu vun objektive Realpolitiker wéi dem Kolleeg Marcel Glesener,...

(Hilarité)

...deen eppes vun dëser Matière kennt a frou wier, wann hei den ADR Recht géif kréien.

(Interruptions)

Datt d'CSV haut de Mëtteg hei unerkennt, datt den ADR der Regierung vill Vertraue géif zoukomme loossen: Dat ass och schéin ze héieren. Ech hunn de Mëtteg nach e Communiqué gelies; dat ass ëmgedréit net de Fall! Mä mäi Gott, dat ass awer net sou schlëmm.

Op jidde Fall ass et kloer, datt, wa mer hei gesot hunn, an der Proposition de loi, datt d'Regierung bis den 1. Januar 2002 sollt Zäit kréien, fir eng Moosnam ze ergräife betreffend d'Finanzéierung, mir dat net wollten iwwerstierzen a wierklech der Regierung och déi Chance wollte ginn, fir eben déi Milliarden iwwert de Budgetswee fräi ze maachen, wat doudsécher bei der finanzieller Situatioun vun eisem Land kee Problem dierft sinn.

Mir hunn eis dergéint ausgeschwat - dat wëll ech ganz kloer hei soen -, datt fir déi do Finanzéierung misst eng zousätzlech Steuer hei agefouert ginn. Datt mer eis do richtig verstinn; net dass nach op eemol ee mengt, e misst op d'Iddi kommen, fir eis esou eppes ënnerzujubelen. Dat wëll ech also heimat ganz kloer soen.

M. Marcel Glesener (CSV).- Mir denken driwwer no, Här Gibéryen.

M. le Président.- D'Mme Mady Delvaux huet d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, meng Fraktioun wollt eigentlech zu dëser Proposition keng Stellung bezéien, well mir eng Rei Propositione gemaach hu fir de Rentendesch a par ailleurs der Meenung sinn, dass, wa mer fir de 15. Februar de Rapport vum BIT kréien, dono eng Ronn ugeet vun

Diskussionen an een am Fong elo net soll all deenen Décisiounen virgräifen, déi do geholl ginn.

Firwat dass ech awer d'Wuert gefrot hunn, ass, dass, nodeem ech elo hei nogelauschert hunn, ech mengen, et wär fir déi Leit, déi eng Kéier de Rapport vun haut liesen, awer wichteg, verschidde Saache kloer ze stellen, well mir schéngt et, op de Risque hin, dass ech als professoral bezeechent ginn, dass een awer misst déi historiesch Wourecht richtig stellen.

Et ass richtig, dass d'Prétraite eng Measure ass géint de Chômage, an déi ass 1977 ganz evident dofir agefouert ginn. Dee Moment huet een och guer net diskutéiert, ob d'Pensiounskeese sollten en Element vun der Prétraite finanzéieren. Dat war 1977 net am Débat. Wéini ass et an den Débat komm? Dat war 1991, wéi d'Gesetz gestëmmt ginn ass, dass ee kéint mat 57 Joer a Pensioun goen, wann ee 40 Joer cotiséiert hätt. Dat heescht, mir hunn u sech de Rentenalter 1991 erfesat. Virdru konnt een eréischt mat 60 Joer eng Altersrent kréien.

Dee Moment hätt jo kënnen den Drock grouss ginn op déi Leit, déi 57 Joer al waren an also net hätte bräichten op d'Prétraite zrëckzegräifen, well se an d'Pensioun gedréckt gi wären, well gesot gi wär: Déi hu jo Recht op eng Alterspensioun, da brauche mer se net an d'Prétraite ze huelen, an dofir ass dës Measure geholl a proposéiert ginn, dass nëmme bei deene Leit, déi e Recht, mat 57 Joer, op eng Pensioun hunn, dat Stéck vun der Pensioun géif vun der Pensiounskeess en charge geholl ginn.

Vun de Gewerkschaften hunn ech an all deene Joren héieren, dass immens vill Mobbing géif gemaach ginn, dass déi Leit am Fong fréizäiteg vu Patronen, déi gare méi Rentabilitéit hätten, a vu jonke Leit, déi gare Plazen hätten, géifen an d'Rent gedréckt ginn. Ech kann do net aus Erfahrung schwätzen. Ech ka just hei répercutéieren, wat ech an all deene Jore gesot krut, a fir dat ze prévenéieren, ass am Fong dat hei proposéiert ginn.

Wann et esou ass, dass déi Prétraitéiert, déi zur gläicher Zäit e Recht op eng Pensioun hunn, net géifen informéiert ginn iwwer hiert Recht, da fannen ech dat e Skandal. Et muss esou sinn, dass een informéiert ass, dass een de Choix huet, fir, wann ee méi an der Pensioun kritt, ze soen: Ech verzichten op meng Prétraite. Mä dat ass awer nun eng Modalitéit an e Problem, dee menger Meinung no ganz einfach ze léise wär.

Meng Interventioun war just, fir hei nach eng Kéier richtig ze stellen, vu wéini un - also vun 1991 un - et

iwwerhaupt méiglech war, dass déi do Measure konnt geholl ginn.

Ech soe merci fir d'Gedold.

M. le Président.- D'Wuert huet de leschten Orateur, den Här Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, den Här Meyers huet schonn drop higewisen, dass et sech an der Proposition vum honorablen Här Jaerling ëm den Artikel 28bis vun deem Gesetz handelt, well ech si selwer, wéi ech den Text nogekuckt hunn, net ganz klug ginn, well ech esou en Artikel am Gesetz vun 1990 net fonnt hunn. Et ass eréischt am Gesetz vun 1993, Artikel 15, wou am Punkt 6 esou en Artikel 28bis créiert ginn ass. Dat nëmme niewelaanscht. Et ass wichteg, dass, wann déi Saach net soll an Nullitéit verfalen, een déi muss redresséieren.

Wat den Inhalt ubelaangt, esou gesinn ech, dass et an d'Richtung geet, dass aus de Pensiounskeese soll e bestëmmte Betrag net méi erausgoen, mä dat soll dann, fir de Fonds de l'Emploi ze speisen, iwwer budgetär Mëttele geschéien. Do hunn ech an engem gewësse Sënn meng Bedenken. An d'Pensiounskeess bezillt d'Patronat 8%, währenddeem, wann et iwwer budgetär Mëttele geet, den normale Steierzueler dee gréissten Deel bezillt an d'Patronat méi ongeschueren ewechkënnt.

Iwwregens seet den Text och, dass déi Zomm, déi de Fonds de l'Emploi vun der Pensiounskeess kritt, am Fong geholl due ass, dass dat där Zomm entsprécht, déi deejéinege kritt hätt, wann en ënnert deene Bedingungen fréizäiteg an d'Pensioun gaange wär. D'Pensiounskeess muss dat souwiso bezuelen. Dofir hunn ech e bësse meng Bedenken, fir eng Ännerung wéi déi heiten ze maachen. Ech hunn awer d'Gefill, dass se eng Zoustëmmung fënnt bei verschiddene Leit, a virun allem vläicht bei der FEDIL, déi domat eng Rei vu Bedeelegunge lass gött.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Bisdorff, Dir sidd also der Meinung, d'Aarbechter an d'Beamte sollten hiren Aarbechtsplazofbau selwer finanzéieren?

(Hilarité)

M. le Président.- Domat sinn eis Aarbechte fir haut ofgeschloss. Eis nächst Sitzung ass en Donneschdeg, den 8. Februar 2001 um 14.30 Auer, mat um Ordre du jour der Interpellatioun vum Här Lucien Lux iwwert d'Politique de sécurité et de santé au travail.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.07 heures)